ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Den Här Landwirtschaftsminister gouf rezent vun der Zeitung *GUDD* interviewt. Interessant ass an deem Kontext d'Ausso vum Här Minister, datt et aktuell um Marché nach keng Alternativen zum Glyphosat ginn, déi manner gesondheetsschiedlech wieren. Weider heescht et, datt Planzen, déi méi resistent sinn a keng chemesch Planzeschutzmëttel brauchen, laangfristeg eng Alternativ kéinten duerstellen. Den Aktiounsplang vun der Lëtzebuerger Regierung gesäit dann och vir, datt bis 2025 20 Prozent vun der landwirtschaftlecher Notzfläch no biologesche Produktiounsreegele bewirtschaft solle ginn.

An deem Zesummenhank wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Firwat plangt den Här Landwirtschaftsminister de Gebrauch vu Glyphosat vun 2021 un ze verbidden, wann hie selwer zougëtt, datt et bis elo nach keng Alternativ dozou gëtt?
2. Wéi sollen an deem Kontext an den Ae vum Här Minister déi Baueren, déi konventionell Landwirtschaft bedreiwen, hir Felder virun Onkraut schützen, wann si keng Alternativ zum Glyphosat hunn? Wéi eng Léisungsusätz proposéiert den Här Minister elo de Baueren?
3. Wann ee fir d'Onkraut méi resistent Planzen ziichte wëll, muss ee mat grousser Warscheinlechkeet Planzen- a Planzekulture genetesch modifizéieren. Ass et dat, wat den Här Minister mat senger Ausso mengt? Oder wëll hien aner, net genetesch modifizéiert Planzenzorten zu Lëtzebuerg aféieren? Wa jo, wéi eng?
4. Et ass jo gewosst, datt d'Biolandwirtschaft manner ertragsintensiv ass, ewéi déi konventionell Landwirtschaft. Huet d'Regierung an deem Kontext Informatioune virleien, wéi vill Prozent vum aktuellen Ertrag vun eise Baueren duerch den Aktiounsplang, datt bis 2025 20 Prozent vun der landwirtschaftlecher Notzfläch no biologesche Produktiounsreegele bewirtschaft solle ginn, verluer wäerte goen? Wéi kann een déi Verloschter, no landwirtschaftleche Produkter, opschlësselen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten